PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 07/04/2026

# Communiqué

**Fir vill Leit, déi hei schaffen, ginn d'Mobilitéitskäschten ëmmer méi zu enger konkreter finanzieller Belaaschtung. D'Piraten huelen déi héich Präisser un de Pompelen eescht a proposéiere eng konkret Entlaaschtung vun 100€ de Mount fir d'Leit, déi sech all Dag mam Auto beweege mussen!**

Wien schafft, muss op d'Aarbecht kommen. Mee genee dat gëtt fir vill Leit ëmmer méi deier. Dofir fuerderen d'Piraten eng direkt Steierentlaaschtung fir déi schaffend Leit vu ronn 100 Euro méi pro Mount. Dës Entlaaschtung soll einfach, séier an onbürokratesch iwwer d'Pai lafen.

D'Zil ass kloer: d'Leit sollen d'Entlaaschtung direkt op der Paie spieren an net erëm op komplizéiert Demanden oder spéider Remboursementer ugewise sinn.

Schnell, onkomplizéiert a fair: zwou Méiglechkeeten, fir direkt 100€ méi op der Paie sinn:

1. iwwert d'Frais de déplacement um Paiziedel. Aktuell kritt jiddereen iwwert d'unités d'éloignement mat 99 Euro pro Joer berechent. Eng Erhéijung op 125 Euro kéint d'Distanz zur Aarbecht geziilt mataberechnen.
2. een direkte Steierkredit, deen, wéi schonn an der Vergaangenheet direkt un d'Leit kann ausbezuelt ginn, an d'Leit direkt entlaascht. D'Piraten favoriséieren dëse Mechanismus, dee schonn an der Vergangenheet oft zum Asaz koum an einfach ëmsetzbar ass.

Finanzéierung vun der Steierentlaaschtung kann duerch eng Iwwergewënnsteier op Uelegkonzerner ginn. Et ass net akzeptabel, datt d'Leit ëmmer méi fir hire Wee op d'Aarbecht bezuelen, wärend grouss Konzerner an där selwechter Situatioun aussergewéinlech héich Profitter maachen.

Dobäi kënnt, datt de Staat kuerzfristeg selwer un deenen héije Präisser gutt verdéngt. Een Deel vun dësen zousätzleche Steierrecettë kann dofir direkt genotzt ginn, fir dës Entlaaschtung matzefinanzéieren.

Fir d'Piraten ass dat eng Fro vu Gerechtegkeet. All Stot ass op Energie am Alldag ugewisen. Wa verschidde Konzerner massiv vun héije Präisser profitéieren, da muss een Deel dovun zeréck un déi Mënsche goen, déi all Dag schaffen an d'Wirtschaft um dréinen halen.

Kuerzfristeg brauche mir eng konkret Entlaaschtung. Laangfristeg brauche mir eng Mobilitéitspolitik, déi manner Ofhängegkeet vum Auto schaaft an op méi nohalteg Energie setzt. Déi zwou Saache gehéieren zesummen.

D'Piraten wäerten dës Proposen an de politesche Prozess um nationale Niveau abréngen a sech dofir asetzen, datt d'Leit séier an effektiv entlaascht ginn.